association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Rapport Entrevue mam MENJE (Mme M. Bruck, M. R. Nehs, M. P. Reding) vum 11. Oktober 2018

1) Suivi vun de Punkten vum Rapport vun der Reunioun vum 16. Mee 2018

a) D'Schoulbuch vum Projet intégré final (PIF) an der Formation professionnelle sanitaire/chauffage a maçon feelt: de MENJE muss e Kontrakt mam Verlag maachen, de SCRIPT mécht d'Iwwersetzung an de Service de la formation professionnelle (SFP) bezilt d'Lizenz. Mir sollen an 2 Wochen Bescheed gesot kréien wéi et hei weidergeet.

b) iPads kréien d'Professeren elo zu de selwechte Konditiounen wei d'Schüler. Mir fannen awer, dass d'Unterrechtsmaterial fir d'Enseignanten misst gratis sinn!

c) D'Formation continue (FC) fir d'Enseignanten gëtt net mat 50 Joer op 8 Stonnen a mat 55 Joer op 4 Stonnen erofgesat, wéi mir dat verlaangen. Dëst musse mir bei der nächster Regierung ufroen.

d) Eng FC soll ee net am Congé de Maternité/parental maachen. Déi Dir wëll de MENJE net opmaachen.

e) Wat d'PRP (Postes à responsabilités particulières) betrëfft huet den Här Pierre Reding de Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) gefrot, fir eng Entrevue mat eis zesummen ze plangen. Leider hu mir nach ëmmer keen Datum. Den Här Reding freet nach eng Kéier beim CGPO no. D'Reunioun mam CGPO ass fir eis dringend!

f) Problem vun den 30 Deeg Formatioun bis den 1. Oktober 2020[1] (no der Iwwergangszäit vu 5 Joer nom Akraafttrieden vum neie Gesetz fir d'Fonctionnairen den 1. Oktober 2015): déi Leit, déi nach net am leschte Grad sinn, mussen d'Chance kréien déi 30 Deeg ze maachen virum 1. Oktober 2020 (1 Dag si 6 Stonnen FC). Den TC ass a renge Stonnen: 5 Leçons = 10 Stonnen mol 18 Méint = 540 Stonnen, an dat op engem wesentlech méi héije Niveau ewéi eng normal FC. Dofir si mir der Meenung, datt déi Leit, déi den TC gemaach hunn, net dierfen no der Période transitoire ausgebremst ginn. Och heifir musse mir mam CGPO eng Entrevue kréien.

g) D'Situatioun vum Kandidat muss nei ausgehandelt ginn wann de Stage op 2 Joer gekierzt gëtt. Dës Reform betrëfft iwwregens net déi Leit, déi dëst Joer mam Stage ugefaangen hunn.

[1]Loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat, article 13 : enseignement : Les fonctions du sous-groupe sous a) et b) comprennent les grades 12, 13, 14, 15 et 16. Les avancements en traitement aux grades 13 et 14 se font après trois et six années de grade à compter de la première nomination. Dans ce sous-groupe, l'accès au grade 15 se fait par avancement en traitement et est subordonné à l'accomplissement d'au moins douze années de grade depuis la première nomination et à la condition d'avoir suivi un cycle de formation de douze jours de formation continue au moins ou d'avoir suivi une autre formation reconnue équivalente ou d'en avoir été dispensé pour des raisons dûment motivées par le ministre ayant dans ses attributions l'éducation nationale. L'avancement en traitement au grade 16 intervient après vingt années de grade à compter de la première nomination. Cet avancement en traitement est en outre lié à la condition d'avoir accompli au moins trente journées de formation continue attestées par des certificats de perfectionnement établis par le ministre ayant l'éducation nationale dans ses attributions, ou d'avoir suivi une autre formation reconnue équivalente ou d'en avoir été dispensé pour des raisons dûment motivées par celui-ci.

h) Datt d'Iwwerstonnen sollen 1:1 iwwerholl ginn ass an d'Hausaufgabebuch fir d'Koalitiounsverhandlunge gesat ginn.

2) Zäitspuerkont (CET)

D'Entrée en vigueur (1. Oktober 2018) ass net zäitgläich mam Ufank vum Schouljoer. Zum Schluss vum Schouljoer wäert kënnen decidéiert ginn, wéi vill Iwwerstonnen op de CET kënnen eriwwergeholl ginn. Mir hunn de MENJE gefrot elo séier e Communiqué un all d'Professeren ze maachen fir z'erklären, dass elo schonn kann op Avancen verzicht ginn zu Gonschten vum CET.
Beim Ausbezuelen vum Zäitspuerkont ginn et Problemer: mat wéi vill Punkte kritt een eng Iwwerstonn e puer Joer duerno ausbezuelt? Dat musse mir bei der Fonction publique uschwätzen. Den Här Reding mécht eis e Kontakt.
Op eis Interventioun hi kruten d'Direktiounen elo Zäit bis am Dezember fir d'Avancen vun den Iwwerstonnen vun den Enseignanten ze deklaréieren.

3) Decharge fir Régents, Conseillers pédagogiques an Accompagnateurs

Ob eise Protest hin ass d'Decharge fir d'Regence am ESC erëm op 1 Stonn eropgesat ginn. D'Iddi vum Erofsetzen war laut dem Ministère fir op der anerer Säit méi kënnen d'Dechargen ze differenzéieren. Mir verlaangen, dass transparent Critèren mussen festgesat gi fir d'Decharge vum Regent ze definéieren, déi mussen an all Ordre d'enseignement gläich sinn. Dat gëllt iwweregens och fir d'Decharge APPUI: mir verlaangen eng gläich Behandlung an all Gebai an eng fair Bezuelung vun eiser Aarbecht.

Beim Accompagnateur ass d'Decharge ACCOM ofgeschaaft ginn am Kader vum neie Stage. Dat sollt erëm agefouert gi well et vill Ongläichheeten/Ongerechtegkeeten an de Gebaier gi wat déi Decharge betrëfft.

Mir hunn och d'Fro gestallt, firwat de Conseiller pédagogique (Tuteur) 2 Stonnen Decharge fir ee Stagiaire kritt, a nëmmen 3 Stonnen fir 2 Stagiairen: d'Aarbecht bei 2 Stagiairen geet net 50% beim zweete Stagiaire erof! Mir verlaangen duebel esou vill Dechargen fir duebel esou vill Aarbecht.

4) FC vum MENJE iwwert d'Carrière vum Professer, Rechter a Flichten

Déi Iddi kënnt gutt un. Dat soll och eng prioritär FC ginn. Mir proposéieren dem MENJE d'Themen (Rechtsschutzversécherung vum Staat, Rechter vum Fonctionnaire laut dem neie Gesetz, Vergläichen vun der aler an der neier Carrière vum Professer, ...).

5) Verschiddenes

a) Bildungsdësch: do ass nach näischt bis elo gelaf an d'Kompositioun ass mol nach net definéiert!

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

b) Publikatioun vun den Instructions ministérielles: de MENJE schafft un engem ëffentleche Code an deem all Instruktiounen a Reglementer stoe sollen.
c) Nächst Entrevue: D'APESS freet als nächst eng Entrevue mam neie Minister.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426